N°109
Entrée le 16.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 109 vum 13. Dezember 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Fro 1: Huet Regierung konkret Projeten am Kapp, op deenen ee Solaranlagen iwwert oder laanscht d'Autobunne wäert opstellen? Falls jo, wéi eng sinn dat?*

Et goufen éischt Etuden duerchgefouert fir laanscht d'Autobunn respektiv op iwwerdeckten Deeler Surfacen ze identifizéiere fir eventuell Fotovoltaikanlagen opzestellen. Dës Aarbechte ginn elo weider gefouert. Éischt Gespréicher tëscht de concernéierte Verwaltungen a Servicer hu statt fonnt, et gëtt awer nach keng konkret identifizéiert Terrainen oder Projete.

Zur Zäit ginn och Iwwerleeunge säitens der Stroossebauverwaltung gefouert, fir am Kader vun neie Park and Ride Anlagen a Pôles d'échanges Projete Fotovoltaikanlage mat an d'Planung ze integréieren.

*Fro 2: Wéi positionéiert sech dës Regierung zu den Aussoe vun hire Virgänger, déi een éischter negativen Avis zu der Iwwerdaachung vun den Autobunnen haten?*

Am Koalitiounsaccord ass d'Analyse vun enger Iwwerdeckelung vu verschiddenen Autobunnssektioune virgesinn. Éischt Gespréicher an déi Richtung sinn och schonns entaméiert ginn.

An dësem Kontext sief awer nach ëmmer op déi an der parlamentarescher Fro n°4324 vum 20. Mee 2021 beschriwwe Komplexitéit esouwéi den Opwand (de Bau, mee virun allem d'Maintenance) vun esou Installatiounen higewisen, déi sech bis haut net geännert hunn. Dës Schwieregkeet gëtt ënner anerem och an engem däitsch-éisträicheschen a schwäizer (D-A-CH) Fuerschungsprojet dokumentéiert. Zu dësem Fuerschungsprojet huet déi däitsch *"Bundesanstalt für Straßenwesen" (Bast)* schonns duergeleucht, datt d'Iwwerdeckelung vun Autobunne fir doropshi Fotovoltaikanlagen ze installéiere mëttelfristeg net ze erwaarde wier.

Deemno sinn esou Installatiounen an éischter Linn ausserhalb vun der Sécherheetszone vun der Autobunn virzegesinn, wéi zum Beispill op deenen ënnert der Fro 1 ernimmte Surfacen.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes